

BUCH

Geschichten iwwer Konscht

Renée Wagener

De Mudam huet eng Aféierung an déi international a Lëtzebuenger Konschtgeschicht erausginn. Eng Publikatioun, iwwer där hire Sënn ee sech ka Froe stellen.

Et gëtt Bicher, do ass ee perplex, dass et se gëtt. Sou geet et engem bei „Eng Geschicht vun der Konscht vun haut“ vum Claude Moyon a Paul di Felice. E luxuriöse Léngen-Aband verspricht, wat d’Buch natierlech net hale kann. Et ass keng global Konschtgeschicht an och mol net e kompletten Iwwerbléck iwvert d’Lëtzebuenger Konscht vun nom Zweete Weltkrich. Dogéint gëtt „haut“ zäitlech ganz wäit gefaasst, well d’Buch setzt u mat de franséischen Impressionisten. Tëscht den zwee Deckele stiechen Ofdréck vu Konferenzen, déi 2010 am Kader vun engem Konferenzyklus vun der „Mudam Akademie“ gehale goufen. Dat gëtt een awer nëmme gewuer, wann een den Dossier de Presse huet, net am Buch selwer. Firwat d’Buch op Lëtzebuergesch ass, gëtt och net erkläert - allem Uschäin no, well d’Konferenzen op Lëtzebuergesch woren.

D’Buch presentéiert sech a Form vu Geschichten iwvert eng Rei

Schlësselmomenter vun der europäescher an amerikanescher Konschtentwicklung, erzielt vum Claude Moyon. Dertëscht gestreet si méi kuerz Kapitelen, an deenen de Paul di Felice op Lëtzebuerg ageet. Besonnesch bei der Beschreiwung vun der internationaler Konscht ass ee schonn no den éischte Säiten irritéiert. Den Auteur schreift, wéi wann hien dobäi gewiescht wier: de Manet a sengem Boot, den André Breton am Bus oder de Picasso, wéi en am Palais du Trocadéro déi tribal Konscht entdeckt huet. De Picasso, sou de Claude Moyon, „ka säi Bléck net vun de friemen, deelweis erschreckenden a magesche Fetischen ofwennen, déi hie fixéieren. Eréischt wéi hien dobaussen ass, fillt en sech zwar erlichtert, mee och iergendwéi befreit.“

Vläicht wollt den Auteur dese Konschtgrëff benotzen, fir säin Uleies méi bildhaft duerzestellen, well am Buch gëtt et keng Reproduktioun vu Konschtwierker. Et kann een sech denken, dass dat wuel opwenneg a vläicht deier gewiescht wier, mee Konscht op bal 300 Säiten nëmmen duerch Text beschriwwen ze kréien, ass bal nach méi eng Herausforderung wéi um 100komma7

Expokritiken nozelauschteren. Der Stina Fisch hir Illustratiounen, déi op di eenzel virgestallte Künstlerinnen a Künstler aginn, sinn zwar witzeg, mee léisen de Problem net.

E Konschtbuch ouni Biller

Wat ee méi am Buch liest, wat een och ëmmer méi d’Gefill kritt, dass dat kéint net alles op dem Auteur senger Mëscht gewuess sinn. An tatsächlech, e Klick op Google liwwert de Beweis. Sou ass den Abschnitt iwvert d’Marina Abramovic op der Säit 221 zwar vläicht kee Plagiat, mee awer dach staark ugeleent un den englesche Wikipedia-Text (respektiv eng Source vun der Annaela Daneri, déi do och benotzt gouf). Dass Beispill weist, dass an deene Geschichten net wierklech Neies produzéiert gëtt, et ass éischer eng Zesummstellung vu konschtgeschichtlechen Texter op Lëtzebuergesch.

Firwat kann dat gutt sinn? Souwäit bekannt, dass de Lëtzebuenger Sproochnationalismus nach net esou wäit gedieën, dass et Leit géng ginn, déi eenzeg an eleng Lëtzebuergesch verstinn - ongeféier sou, wéi a Frankräich munnecher just Frans-

éisch oder an England just Englesch verstinn. All Leit, déi Lëtzebuergesch kënnen, beherrschen och Däitsch a Franséisch, oft souguer Englesch, a kënnen déi Informatiounen, déi hei verschafft goufen, och an anere Sproochen consomméieren. An deem heite Buch ginn d’Auteuren awer sou wäit an iwwersetzen net nëmmen englesch, mee och franséisch an däitsch Zitater op Lëtzebuergesch - den Original kann een dann an de Foussnoten noliesen.

Och wann een oft irritéiert duerch d’Säite vun deem Buch geet, ginn eng Rei Iddiën transportéiert, déi duerchhaus interessant sinn. Sou gëtt d’Importanz vum Dada-Mouvement ëmmer nees betount an den Afloss vu senger Froestellungen och nach fir ganz rezente Konschtempochen ënnerstrach. „Dada ass Punk virun der Zäit,“ schreift de Claude Moyon a spillt op d’Elementer vu Gesellschaftskritik, mee awer och vun Ironie, Kreativitéit a kreativer Destruktivitéit vu béide Stréimungen un.

Interessant, well oft manner bekannt respektiv nach wéineg beschriwwen, sinn och d’Passagen iwvert de Lëtzebuenger Kontext. Och wann se sech net ëmmer ideal



Der Stina Fisch hier erfrëscht
Illustratiounen zu wichtige
künstleresche Perséinlechkeeten
hëllefen net driwwer ewech:
Eng Aféierung an d'Konscht ouni
Ofdrock vu Konschtwierker ass
problematesch.

ILLU: © STINA FISCH

de Salvador

an de Kader vun den internationale Beschreibungen afügen, ginn se een zwar lückenhaften, awer interessanten Iwwerbléck zu de Lëtzebuurger Entwécklungen: Steichen, Kutter, modernistesche Architektur, Foni Tissen, de Groupe „Iconomaques“ an de Fofzegejoren, d'Protestkonscht, bis zu deem, wat de Paul di Felice als „pictorial turn“ zu Lëtzebuerg beschreift, notamment mat dem Opkomme vun der Konschtfotografie. Datt munnech Saachen ënnerstrach ginn - wéi d'Bedeutung vum Foto-Magazin „Café Crème“ bei deem den Auteur selwer implizéiert wor -, oder ënnerbelicht bleiwen - wéi den enormen Impakt vun der Ausstellung „Manifesta 2“ zu Lëtzebuerg, där een duerchaus en Zündungscharakter fir déi zäitgenëssesch Konscht am Länd-

che kéint zouschreiwen -, wierkt e bëssen arbiträr. Trotzdem kritt ee bei dese Passage Loscht, méi iwwert d'Konscht zu Lëtzebuerg gewuer ze ginn - an iwwert dee geschichtleche Kader, deen si konditionnéiert huet.

Lëtzebuurger Verspéidung

Sou kënt zum Beispill ëmmer nees den Thema vum Lëtzebuurger Hannendrolafen no de kënschtle-reschen Entwécklungen an aneren europäesche Länner op: sief dat bei der Architektur vun den Drëssegejoren, sief et beim Verharren an der Abstraktioun an de Fofzege oder der éischter zaghafter Appropriéierung vun der kontestatärer Konscht an de Siechzege a Siwwenzege. Eréischt zënter der Entstehung vum Casino -

Forum d'art contemporain an den Incentivë vun der Marie-Claude Beaud als Mudam-Direktesch schéngt dese Retard opgeholl. Och an der Conclusioun heescht et: „Mat vill Efforten, an oft gebremst duerch heftegen nationale Géigewand oder duerch ëffentlech Indifferenz, konnt Lëtzebuerg sech eréischt an den Nonzegejoren eng Existenz op der internationaler Kaart vun der aktueller Konscht schafen. Mee och haut steet déi nei Situatioun nach net op feste Fundamenter.“

Et wier interessant, des „Verspéidung“ méi genee ënnert d'Lupp ze huelen an se mat ähnleche Constatën an anere gesellschaftleche Beräicher - zum Beispill wat den Réckgang vum Afloss vun der Kierch oder d'Fraenemanzipatioun ugeet - ze vergläichen. Läit desen Tendenzen, wéi

oft gesot gëtt, de relativ spéiden „Nation Building“ vun engem nach jonke Staat zu Gronn, oder gëtt et vläicht aner Explikatiounen? Kloer ass jiddefalls - an dat weist och dëst Buch -, datt d'Lëtzebuurger Konschtszen spëtstens zënter dem Enn vum 19. Joerhonnert a Relatioun wor mat där an eisen Nopeschlänner an iwwert hir Entwécklungen am Bild wor. An deem Sënn huet dëst Buch vläicht de Merite, d'Noutwendegkeet vun enger méi systematescher Lëtzebuurger Konschtgeschichtsschreiwung däitlech ze maan.

Eng Geschicht vun der Konscht vun haut, éd. Mudam/Saint-Paul.

